# Home : Ravi

E gudde Ravi an en attraktive Programm sin zwee Haaptbestanddeeler vun engem flotte Camp. Beim Ravi ginn et ower vill Punkte op déi een an enger mi nohalter Approche oppasse muss.

De **Raviplang** am Viraus opstelle an nët erreicht am Supermarché de Menu eraussichen fir esou bewosst anzekafen. De **Schwiiregkeetsgrad** vun der Intendance a Moosse hale fir eng iwwersiichtlech Akafslëscht opstelle ze kennen.

Nohalteg akafe heecht och **regional akafe** goe fir de Commerce de proximité ze ënnerstetze; dat heecht ower och fir **fairtrade** ënnerwee ze sinn fir z.B. mat Kaffi aus dem faire Handel och de Kaffisbauer a Latainamerika oder Afrika ze ënnerstetzen oder fir z.B. mat Fësch aus der Pêche durable d'Fëschereigebidder nohalteg ze respektéiere.

**Biologesch** ugebaute Produite maachen e Camp net forcément mi déier. **Fleesch** soll vu gudder Qualitéit sinn, mee muss z.B. net all Dag um Menuplang ze fanne sinn. Kaffi muss net mat déiere Tabs oder aus Aluminiums-Kapsule erausgedréckt gin, mee kann traditionnel opgeschott gin oder duurchlafe gelos gin.

Fir vu vireran zevill **Räschter** ze verhënnere soll ee sech **Quanitéitscheckléschte** opstelle di d'Spezifizitéite vun engem Grupp mat all hire Modalitéite wéi Régimes alimentaires oder reliéis bedéngte Iessgewunnechte respectéire. Et kann een ower och op digital oder online Quantitéitskalkulatore zréckgreife.

D'"**Resteverwertung**" soll en integrale Bestanddeel vun enger Scoutskiche sinn: a regelmässege Ofstänn kann e Menuplang op engem verlängerte WE oder Camp op d'Verschaffe vun **Liewensmëttelräschter** baséiert sinn: vum Klassiker „Pain Perdu" iwwert all Forme vun „Pot pourri" fir esou (bal) näischt méi musse ewechzegehaie.

Den **Offall** beim Kache soll gesënnert gin, Verpackunge wéi Glas, Metall, Kartron, Tetra, Folie a Plastiksbehälter solle am Home entsuergt kënne ginn. Eng Biotonne soll fir de gréngе Offall do sinn. D'Offallvermeidung ass och en integrale Bestanddeel vum Plange vun der Intendance. Géréiert een e Campbistrot, esou soll ee Gedrénks iwwert en Dépositaire huelen deen d'Vidange nees siche kennt amplaz vun Ee-Wee-Gedrénksverpakunge. Kléng originell Snacks kënnen idealerweis mat Liewensmëttelräschter fir de Campbutték oder fir de Campcafé gemat gin.

Drénk **Krunnewaasser** – si genuch Waasserkarafe an der Kichen? Dénk un déin perséinleche Waasserbidon! Dëst geheiert zum Plangen an zu den Apakslëschte déi ee mat de Scouten virun engem Camp opstellt oder bei der Visite vun engem Chalet nofreet.

D'Akafe vum Ravi soll och ugepasst sinn un d'**Lagerungs- a Killinfrastrukture** vun engem Scoutshome: mi dachs akafe goe oder en gros bestelle hängt vun dëse Fakteure of an och ob e Grousshandel an der Géigend ass oder net. Nët all Liewensmëttel mussen am Frigo stockéiert gin. Onverdierflech Räschter wéi Gewürzer, Kaffi, Théi, Drechennuddele asw sollen an engem Home op enger Plaz verwalt gin. Gidfereee deen séng Aktivitéit plangt soll virum Akafe hei eraluusse fir onéidegt Akafe ze verhënnere.

**Liewensmëttel mussen och nët ëmmer ëppes kaschten**: kennt een e Gärtner oder Geméisbauer, esou kann ee Produite ofkafe di optesch net mi esou schéin sinn, qualitativ ower nach ëmmer tip top an der Rei sinn; oder et bidd een d'Aarbecht vun sénger Scoutsgrupp un z.B. beim Plécke vun Uebst am Summer-Hierscht oder bei dem Opmaache vum Gard am Wanter-Fréijoër an en contrepartie kritt een bestemmte Produite aus dem Gaard firnaischt oder fir e gudde Präis. An et kann een och sëlwer an d'Natur erausgoe a kucke wat sech fënnt fir ze verschaffe: z.B. Bettsäecheg-Zalod, Brënnesselszopp, Iesskäschte a villes méi; an dësem Fall ower op d'Naturschutzgesetz oppasse dat d'Plécke vu Kräider an anere Planze wéi Bärlauch oder Champignone erklaert (z.B. net mat der Wuurzel erausrappe) oder modéréiert (Quantitéite op de Kap oder pro Grupp). **Fir all dës Etape ze beuechte muss ee sech genuch Zäit am Viraus huele fir ze plange an ze organiséiere.**

> Lëtzebuerger Guiden a Scouten
> Arbechtsgrupp Nohaltegkeet
> nohaltegkeet@lgs.lu

*Home : Ravi, Editioun vum 18. September 2021*